N°3878
Entrée le 07.04.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.04.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/04/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An der Gemeng Waldbëlleg ass zu Haler e Mobilfunkmast vun 42 Meter Héicht opgestallt ginn, ouni datt d'Bierger am Virfeld adequat informéiert gi wieren. Laut enger Biergerinitiativ huet d'Gemeng de Bewunner matgedeelt, et géif sech leedeglech ëm eng kleng Antenn handelen, woubäi de Mast an der Realitéit eng Héicht vun 42 Meter erreecht.

Heiduerch stellen sech Froen iwwer d'Transparenz an d'Informatiounsflicht vu Gemengen am Kader vun Infrastrukturprojeten, souwéi iwwer d'Geneemegungsprozedure fir Mobilfunkmasten op nationalem Niveau. D'Bierger hunn e Recht drop, korrekt a vollstänneg iwwer Bauprojeten an hirer Noperschaft informéiert ze ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng gesetzlech Virgaben a Prozedure gëllen zu Lëtzebuerg fir d'Opstelle vu Mobilfunkmasten, a wien ass zoustänneg fir d'Ausstelle vun den entspriechende Geneemegungen?
2. Ass de Minister der Meenung, datt d'Gemengen hir Informatiounsflicht géigeniwwer de Bierger am Kader vun sou Projeten adequat erfëllen, a wéi gëtt dëst kontrolléiert?
3. Wéi eng Recoursméiglechkeete stinn de Bierger zur Verfügung, wann si der Meenung sinn, datt si vun enger Gemeng falsch oder onvollstänneg iwwer e Bauprojet informéiert goufen?
4. Gedenkt de Minister Moossname virzehuelen, fir d'Transparenz an d'Kommunikatioun vu Gemengen am Zesummenhang mat Infrastrukturprojeten ze verbesseren?

piraten.lu
PIRATEN

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés